N° 3979
Reçue le 30.04.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Coopération et
de l'Action humanitaire

Luxembourg, le 30 avril 2021

Le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : *Réponse à la question parlementaire n° 3979 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser*

- *Comité pour une paix juste au Proche Orient (CPJPO)*

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous objet.

Franz Fayot

**Äntwert vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Fro Nummer 3979 vum 30. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

Als Äntwert op d'Froën vum honorabelen Deputéierten kann ee folgend Elementer uginn.

D'Regierung huet net Wëlles sech zu engem méiglechen Zitat ze äusseren, dat e Riedner, vun deem net präziséiert gëtt ob en der ONG zougehéiert oder fir déi ONG schwätzt, déi duerch d'parlamentaresch Ufro viséiert ass, 2013 an engem och net weider präziséierte Kontext soll gemaach hunn.

Wat déi viséiert ONG ubelaangt, kann ee festhalen, dass des ONG als sougenannten „ONG Développement" („ONGD") am Sënn vum Artikel 7 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d'Entwécklungszesummenaarbecht vum Ausseministère agréiert ass. Als ONGD kann des ONG finanziell Ënnerstëtzung vum Ministère ufroe fir Aktiounen am Beräich Sensibilisatioun an Entwécklungspedagogik, souwéi fir Projeten fir Entwécklungszesummenaarbecht a fir humanitär Hëllef. Sou ONGD kënnen och verschidden administrativ Ausgaben rembourséiert kréien.

Konform mat den Prozeduren an den Konditiounen, déi d'finanziell Relatiounen tëscht dem Ministère an den ONGD'en regelen, huet des ONG e finanzielle Bäitrag an Héicht vun 1.263.593,18 € am Zäitraum vum 26. Mäerz 2018 bis de 7. Abrëll 2021 kritt fir eng Rei Projeten ëmzesetzen.

Dës global Zomm fir dee genannten Zäitraum beinhalt engersäits d'Kofinanzéierung vun dräi méijärege Kooperatiounsprojeten an zwee verschiddene Secteuren (Bildung fir eng besser Liewensqualitéit a Kreditvermëttlung am formellen an semiformelle Beräich) fir insgesamt 992.699,46 €, souwéi administrativ Ausgaben an Héischt vun 31.482,16 €, déi op den Fonds de la Coopération au Développement verbucht ginn. Op där anerer Säit beinhalt de globale Montant och Aktivitéiten am Beräich Sensibilisatioun an Entwécklungspedagogik vun 2018 bis 2021 (mat engem Total vun 239.411,56 € fir dësen Zäitraum), déi dem Budgetsartikel 01.7.33.000 – « Participation aux frais d'organisations non gouvernementales (ONGD) pour la réalisation d'actions de sensibilisation de l'opinion publique luxembourgeoise concernant la coopération au développement et autres mesures à cet effet » zougeschriwwe ginn.

Wat déi 351.753,94 € ugeet, déi an der Fro viséiert sinn, gouf en Audit vun der zweeter Phase vum Projet fir d'psychosozial Ënnerstëtzung vu Kanner a bewaffnete Konfliktsituatiounen am Lager vu Jenin am Westjordanland, déi vun dësem Bäitrag finanzéiert ginn ass, vun Dahbour Auditing Establishment duerchgefouert. Dësen Audit ass datéiert op den 28. Oktober 2017.

Doriwwer eraus ass och nach ze bemierken, dass op der Basis vum Artikel 12 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwer d'Entwécklungszesummenaarbecht, all ONGD, déi gläich vill oder méi wéi 100.000 € pro Joer als finanzielle Bäitrag kritt, hir jäerlech Konten muss kontrolléieren loossen, op der Basis vun internationalen Normen déi heifir gëllen. D'jäerlech Konten vun deenen ONGD, déi méi wéi 500.000 € als finanzielle Bäitrag kréien am Joer kréien, mussen no den internationalen Auditnormen, déi vun der Commission de surveillance du secteur financier festgehale sinn, kontrolléiert ginn. Dësen Artikel gëllt fir all ONGD. Wéi och bei den aneren ONGD, ass et net virgesinn, des Auditen a Rapporten, déi d'ONGD un de Ministère ofginn huet, ze publizéieren.